adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Minister fir bannenzech Sécherheet weiderzeleeden.

De Code pénal a Gemengereglementer géinge Méiglechkeete bidde fir géint déi organiséiert Heescherei zu Lëtzebuerg virzegoen. Dee Phenomen gräift nees ëm sech, a scho laang sinn net nëmmen déi gréissten Uertschafte betraff. An och d'Methode gi méi rabiat, huet nach viru kuerzem d'Madamm Buergermeeschter vun der Haaptstad festgehalen. Et bleift net méi beim Hand-Ophalen, d'Leit ginn ugeschwat, an, wann dat näischt déngt a si schwaach genuch sinn, verbal aggresséiert.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt déi organiséiert Heescherei zu Lëtzebuerg zouhëlt a méi aggressiv gëtt?
2. Weess d'Regierung, wéi eng Uertschafte betraff sinn a wéi eng am meeschten?
3. Sinn d'Police oder de Parquet mat Plainte vu Leit befaasst ginn, déi sech vun Heescherte belästegt oder bedreet gefillt hunn respektiv och vläicht kierperlech belästegt goufen?
4. Ass eng Verschäerfung a Reformuléierung vun de Gesetzer geplangt fir besonnesch déi organiséiert Heescherei an de Grëff ze kréien?
5. Huet d'Regierung zënter den éischten Unzeechen, datt reegelrecht Banden organiséiert optriede fir hei ze heeschen, wéi och d'Madamm Buergermeeschter vu Lëtzebuerg confirméiert, eppes ënnerholl fir déi gesetzlech Dispositiounen unzepassen an der Police méi Mëttelen ze ginn fir dogéint vir ze goen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten